# Firwat dëse Bunker 1944? Wéi et duerzou koum!

# Firwat elo 70 Joer duerno nei obrichten?????






**Hei op dëser Plaz, genannt am Héirech, hon sech dës Jungen der Zwanksrekrutéierung vom Naziregime widdersat an hon sech hei am Bunker an hierer Heemicht vom Abrël bis September 1944 verstoppt**



## Jos Turmes vu Knapphouschent *1923

De Josy war am Arbeitsdienst a Polen vum 2. Juni bis den 11. September 1943. No sengem Arbeitsdienst war hien doheem zu Knapphouschent. Well si awer zu drei Jongen um Haff waren huet hie missten laut „Nazi-Anordnung“ an aner Bauerebetriber aushëllefen a prett sinn fir agezun ze ginn. Wéi dunn awer seng Famill den 27. Oktober 1943 no Schlesien ëmgesidelt gouf awer net wéinst senger, ass hien net matgaang an huet sech verstoppt vum Oktober 1943 bis Abrëll 1944 am Haus Schlesser zu Knapphouschent. Wei et dunn awer lues a lues geféierlich gouf, vun den Nazien erwëscht ze ginn, huet hien sech hei am décke Dännebesch e Bunker gebaut. Ouschterdag den 9. Abrëll 1944 ass hien an de Bunker agezunn. Nach deeselwechten Dag krut hien e Leidenskolleg, den



## Joss Wolwert vu Lëtzebuerg *1920

No sengem Gymnasium war de Joss op enger Uni an Däitschland. No dräi Méint huet hie missen an d’Wehrmacht an no enger kurzer Ausbildung huet hien un der russischer Front gekämpft. Ufangs März 1944 konnt hien an de Congé goen well seng Divisioun obgeléisst gouf. Hie war als vermësst erklärt ginn an anstatt un d’Front zréck ze goen huet hien d’Flucht ergraff. A sengem Obenthalt heiheem ass et him net gegléckt sech an d’Belscht afzesetzen an ass vun der LPL ( Lëtzebuerger Patriote Liga) obgeholl ginn. De Néckel Schlesser , e Mëttelsmann bei der LPL huet sech senger ugeholl an huet hien bei de Josy aquartéiert, am Abrëll 1944. Den drëtte Matbewunner am Bunker war de

## Pol Berscheid vu Selschent * 1923



Den 8. Juni 1944, spéit an der Nuecht, huet de Néckel Schlesser de Pol an de Bunker bruecht. No enger Ausbildung vu 6 Méint am Sprengkommando zu Berlin hat de Pol Urlaub an huet gehofft, datt de Krich bal riwwer wär. Hien huet seng verhaasten Uniform ausgedunn an ass net méi zréckgang. Hie war beim Josy wëllkomm well déi zwee sech gutt als Klassekomerode kannt hun. Déi zwee Jonge vum Land hun sech gutt ugefrënt mat dem Stadter Jong well dësen a senger Studentenzäit geléiert hat besser mat dem Kachdëppen ëmzegoen. Jo et ass gekacht ginn am Bunker mat ganz dréchenem Holz, fir ze vermeiden datt den Damp am Dännebësch sie sollt verroden. Als läschten ass am Bunker opgedaucht de

## Jean Keipes vu Knapphouschent * 1923



De Jängi war am Dezember 1943 an d'Wehrmacht agezu ginn. No senger Ausbildung Enn Dezember 1943 an Ufank 1944 war hien am Artillerieasaatz ënner anerem an Dänemark an un der Westküst vu Jütland. De läschten Dag vu sengem Congé bei senger Famill ass hien den 2. August 1944 am Bunker opgedaucht. De Josy Turmes war frou séi Kolleeg Jängi mat deem hien 7 Joer zesummen d'Schoulbänk zu Knapphouschent gedréckt huet am Club vun de Bunkerjongen opzehuelen. Den Dagesoflaf blouw de selwichten ausser datt si elo zu véier eng Kontramitt konnte spillen. Déi 3 Bauerejongen hu sech eng Freed gemach, dem Jupp aus der Stadt eppes bäizebréngen. Anstatt dräi Teller mussten därer lo véier gespullt ginn an och e puer Grompere weider goufe geschielt. De Jupp huet missten säi Bett mat dem Jängi deelen.

**Dës Junge goufe versuarigt vun de Knapphouschter Lékt**

**Madeleine Reding Turmes *1883 - 1970**

**Anna Schlesser-Reding *1917 - 2003**

**Nic Schlesser-Reding *1916 - 1980**

**Hei wéi de Josy Turmes si beschriwen huet a sengem Buch D'Jugend gouf eis gestuel ( Seite 42)**



**Frau Reding-Turmes** 13/04/1883 - 03/04/1970 war die Schwester meines Vaters. Matti Léin, wie sie genannt wurde, war schon frühzeitig von einem schweren Schicksalsschlag getroffen, da ihr Mann, der Dorfschullehrer war, im Alter von 29 Jahren 1918 gestorben ist. Mit 35 Jahren musste sie als allein stehende Mutter mit ihrem Töchterchen Anna die Mühen und Sorgen des Lebens alleine tragen.



**Anna** 31/01/1917- 7/11/2003 war schon mit 2 Jahren ein Waisenkind und hatte 1938 Nic Schlesser geheiratet. Jetzt fasste sie mit ihrem Mann Neckel den heroischen Entschluss, den flüchtigen Jungen, die den Wehrdienst verweigerten, ein sicheres Versteck zu bieten. Nähere Beschreibung ergibt sich bei der Lesung dieses Buches



Was **Neckel** 03/01/1916-16/05/1980 anbelangt, möchte ich noch einiges hinzufügen. Er stammte aus einer tiefgläubigen Familie, aus Koster, so der Hausname. Von Koster Neckel hegten wir Dorfjungen immer großen Respekt, er war unser Idol. In dem hiesigen Fußballverein Knaphoscheid-Selscheid war Neckel die Nummer eins. Der konnte Tore schießen. Wenn er dabei war, ging die Mannschaft fast immer als Sieger hervor.

# D’Bunkerliewen ass eriwer am 10. September 1944



**D‘Bunkerjongen Josy Turmes, Pol Berscheid, Jängi Keipes mat hierem Versuerger dem Néckel Schlesser*( op der Foto fehlt de Joss Wolwert)***

Regelméisseg hun d'Bunkerjongen sech nom Krich mat hire Versuerger getraff

**Hei déi véier a gemittlecher Stëmmung: Jängi Keipes, Pol Berscheid, Joss Wolwert a Josy Turmes am Café Turmes**





**Bunkerjongen mat dem Anna Schlesser zu Knapphouschent**

**Konveniat vun de Bunkerjongen am Joer 1987**



Am Laf vun de Joren huet de Kontakt mat de Bunkerjongen aus verständliche Grënn dunn e bessen afgeholl.




Um Begriefnes vum Anna Schlesser am Joer 2003 hunn d'Kanner aus dem Haus Schlesser de Josy Turmes gefrot, datt hien hinnen e puer Anekdoten vum Bunkerliewen soll opschreiwen



No enger langer Bedenkzäit huet de Josy Turmes am Alter vun 82 Joer am November 2005 ugefaang mat schreiwen, an den Emile Schlesser huet him gehollef. Aus senge Notizen fir d'Famill ass e Buch entstanen. E puer Méint duerno, am Mee, ass d'Buch erauskomm an no kuerzer Zäit war et vergraff.

BUCHVORSTELLUNG

# Wichtiger Geschichtsbeitrag




**Ein Leben voller Wendungen: Jos Turmes (aktuelles Foto links) hat erlebt, was es heißt, sich verstecken zu müssen. Als Jugendlicher (Foto rechts) war er gezwungen, sich vor den Nazis in Sicherheit zu bringen.**

60 Jahre sind seit Kriegsende vergangen. Es wurde viel erinnert, gesprochen und geschrieben. Fast alle großen Momente des Kriegsverlaufes wurden belichtet, doch ein Kapitel der Luxemburger Kriegsjahre ist weniger bekannt und erforscht: Das Leben der sogenannten „Bunkerjongen". Die Verordnung der Nazis vom 30. August 1942 stellte viele Luxemburger Jugendliche vor die Wahl, der Wehrmacht beizutreten oder ein Leben im Untergrund zu führen. Viele entschieden sich dafür unterzutauchen. Damit dieses Kapitel der Geschichte nicht in Vergessenheit gerät, hat der frühere „Bunkerjunge" Jos Turmes aus Knaphoscheid seine Erinnerungen an jene Zeit zu Papier gebracht. Unter der Anleitung von Emile Schlesser entstand so das Buch „D'Jugend gouf eis gestuel". Es umfasst die Erlebnisse des damals 17-Jährigen Turmes und erzählt von den Jahren 1940 bis 1945.




Der Leidensweg von Jos Turmes beginnt mit seiner Einberufung zum Reicharbeitsdienst im Mai 1943, den er auch antritt. Während eines Urlaubs im Oktober des selben Jahres erfährt er, dass seine Familie umgesiedelt wird. Damit steht für ihn fest, dass er nicht zum Arbeitsdienst zurückkehren würde. Ab diesem Moment lebt Jos Turmes im Untergrund: sechs Monate versteckt bei einer Familie auf einem Bauernhof und fünf Monate in einem selbst ausgehobenen Bunker! In dieser Zeit im Bunker stießen noch drei weitere Deserteure zu dem Untergetauchten: Zuerst Jos Wolwert aus Luxemburg, dann Léopold Berscheid aus Selscheid und zuletzt Jean Keipes aus Knaphoscheid. Am 10. September 1944, dem Tag der Befreiung, verlassen die vier endgültig ihr Versteck.

Jos Turmes beschreibt die Strapazen, die Ungewissheit aber auch die Gefahren, denen er und seine Freunde, die so genannten „Bunkerjongen" tagtäglich ausgesetzt waren. Mit „D'Jugend gouf eis gestuel" leistet Jos Turmes einen wichtigen Beitrag zur Aufarbeitung der Luxemburger Geschichte in den Kriegsjahren und mahnt gleichzeitig, die Untaten der Jahre 1940 bis 1945 nicht in Vergessenheit geraten zu lassen.

gth

**>> Das Buch ist ab dem 4. Mai in den „Librairies Réunies" zum Preis von 19 Euro oder nach Überweisung auf das Konto CCPLULL: IBAN LU67 1111 1352 7052 0000 (Inhaber Emile Schlesser) portofrei erhältlich. Telefonische Bestellungen werden unter 858087 entgegen genommen. Beim Kauf des Buches wird das Blindenheim in Berschbach mit 4 Euro unterstützt.**




De Jos Turmes kënnt net zur Rou an huet mat der Awëllegung vun de Famillgen eng Gedenkplack um Graf vun der Famill Schlesser niddergeluecht. Dëse Merci ass vun de Jongen déi am Haus Schlesser zäitweilig verstoppt waren oder am Bunker versuergt gouwen. Gläichzäitig ass awer och e Gedenksteen ageweit ginn vum Här Dechen Martin Molitor

**Angehörige und Nachkommen** *der "Bunkerjungen" wie der Beschützerfamilie wohnten der Einweihung der Gedenkplatte auf Initiative von Jos Turmes ( 4.v.l.) in Knaphoscheid bei*



2011 ass de Bësch , do wou de Bunker war, afgeholzt ginn. De Fernand Keipes huet dem Emile Schlesser vun e puer Iwwerreschter vum Bunker erzielt. Kurz duerno ass den Emile mat dem Josy Turmes an den „ Héirech“ gaang a si hu geplangt e Bunker op der aler Plaz opzeriichten








Hei de Josy Turmes an den Emile Schlesser virun engem grousse Lach wou de Bunker 1944 war



D'Nokomme vun de Bunkerjongen (Berscheid, Keipes, an Turmes) hu fläisseg mat ugepaack fir an dësem grousse Lach e Bunker anzeriichten. Allerdéngs war et dës Kéier méi einfach mat dem Bagger ze schaffen ewéi 1944 wou de Josy nëmmen Schëpp an Heel gebraucht huet fir dat Lach auszebuddelen. Elo war och eng Plaz fond ginn wou den Erënnerungssteen mat der Plakett eng Plaz sollt fannen.


























De Bunker ass fäerdeg a kann elo dem Publikum zougängig gemaach ginn . Hien ass ze ereechen vun der Knapphouschter Kierch aus, oder och vu Selschent aus.













Am November 2012 huet d'Sektioun vun den Zwanksrekrutéierten „ Béigen-Houffelt" mat hirem Präsident Erny Lamborelle folgende Programm obgesat fir dëse Bunker als bleiwend Erënnerung festzehalen:

De 5. Mee 2013 gët an der Kierch zu Knapphouschent eng Mass gehal fir déi liewend a verstuerwen Membere vun den Zwanksrekrutéierten, Sektioun Béigen-Houffelt ëm 9.30 Auer. Däss Mass gëtt verschéinert vun de Choralen Fëschbich, Angelsbierg a Knapphouschent.

Duerno sinn 2 visites guidées vum Bunker mat Kommentären vum Josy Turmes beim Bunker

- 10.30 bis-12.00 Auer: Visite vum Bunker

- 15.00 bis 17.30 Auer: Visite vum Bunker




Mir soen dem Erny Lamborelle, Präsident vun dem Nationalcomité vun der Federation des Enrôlés de Force Merci, datt hien eise Projet vir e Bunker ze bauen voll ënnerstëtzt huet.

Hien huet eis seng Rotschléi ginn, sief dat fir den Text op d'Gedenkplack sief dat fir d'Publikatiounen an der geschriwwener Press fir den Dag vun haut. Och seng Präsenz bei der Aweiung vum Denkmal zu Knapphouschent mat dem Här Dechen Martin Molitor huet eis Freed gemach.



## Facit: De Josy Turmes huet sein Zil erreecht

Déi Responsabel vun dem Projet Bunker mat hiere Famillgen soe Merci

| | |
|---|---|
| **Jos Turmes** | **Emile Schlesser** |
| **Cipa Belle-Vue** | **59, rue Charles Frédéric Mersch** |
| **27a, rue Duchscher** | |
| **L-6434 Echternach** | **L-7790 Bissen** |